association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 22.11.18

Léif Memberen,

Am Moment si vill Leit duerch de Bewäertungssystem veronséchert.

Wann Dir virum 1. Oktober 2015 agestallt gi sidd, da musst Dir wëssen:
Et gi nëmmen déi Kollegen bewäert, déi den duebelen Échelon no 10 Joer Nominatioun kréien an déi Enseignanten, déi an den Échelon 14 kommen. Dat hu mir vun eisem Affekot a vum MENJE confirméiert kritt.

Et gëtt elo vun enger anerer Gewerkschaft behaapt, den Artikel 41 vum Gesetz vum 25. Mäerz 2015 géing net fir den Enseignement gëllen. Mat anere Wieder, fir eis géing et keng Période transitoire (vum 1. Oktober 2015 bis den 1. Oktober 2020) ginn, an där nach den ale System vun den Avancementer gëllt.
Et läit eis awer en zweeten Avis juridique fir (deen Dir am Membersdeel vun eisem Internetsite fannt), deen zum Schluss kënnt, dass och fir den Enseignant eng Période transitoire vu 5 Joer gëllt, genau sou wéi fir all aner Agent an der Fonction publique. An der Période transitoire ass den Entretien d´appréciation net obligatoresch.

Wien dat am Gesetz wëll noliesen fënnt dat ënnert
http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/code/fonction_publique/20181101 op de Säiten 15 Art. 4bis, S. 164 Art. 13, S. 188 Art. 41 a S. 196 Art. 50(6).

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426